I-2016-O-M-5074-01 (2779)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt: Här Gast Gibéryen

Betrëfft: Zuchverbindungen aus dem Süde vum Land

Lëtzebuerg, de 28. Juni 2017

**Motioun**

D'Chamber

stellt fest,

- datt den Zuchverkéier aus de Südgemengen an aus dem benoperte Frankräich an d'Stad ëmmer méi schwéier gëtt ;
- datt den zoustännege Minister direkt Verbindungen respektiv tëscht Wuelmereng a Lëtzebuerg an Ëtteng a Lëtzebuerg, déi bestan hunn, am nächste Fuerplang gréisstendeels net méi wëllt bäibehalen ;
- datt d'ADR Sektioun Diddeleng an duerno d'Gemengeréit vun Diddeleng, Keel a Rëmeleng direkt schaarf protestéiert hunn, wéi dës Decisioun vum Ministère bekannt gouf;
- datt an deenen dräi Gemengeréit Motiounen zu deem Thema vun alle vertruedene Parteie gestëmmt gi sinn ;
- datt ganz vill Leit, déi all Dag den Zuch brauchen, ënnert de Konsequenze vun engem neien Horaire an den Aarbechten un der Streck Beetebuerg-Lëtzebuerg ze leiden hunn;

fuerdert d'Regierung op,

- hir Decisioun, d'direkt Zich tëscht Wuelmereng iwwer Diddeleng op Lëtzebuerg an tëscht Ëtteng iwwer Rëmeleng op Lëtzebuerg, nach eng Kéier ze préiwen;
- sech drun ze ginn, fir deene ville betraffenen Zuchsclienten aus dem Süde vum Land praktikabel a würdeg Solutiounen ze offréieren, déi den ëffentlechen Transport unzéiend a leeschtungsfäeg maachen;
- alles ze maachen, fir datt an Zukunft net manner Leit den Zuch wäerte benotzen;
- sech an den Dialog mat de betraffene Gemengen anzebannen;
- all Alternativen, déi kéinte fonnt ginn, mat de Gemengenautoritéite vun de betraffenen Uertschaften ze diskutéieren.

G. Gibéryen